



Inhalt

- Wéi eng Schüler begleede mir a wéi gesäit hir Ausbildung aus
- Stageperioden
- Opträg am Stage
- Wéi ginn eis Schüler am Stage begleet?
- LTPES-Computer-Programm « Manager »
- Konventioun

INFORMATIIONSBLAT

Sidd Dir als Institutioun drun interesséiert, ee Stagiaire op sengem / hirem Wee zum / zur Educateur*trice ze betreien?

Mir brauchen Iech!

Een Häerzstéck bei der Ausbildung zum/zur zukünftigen Educateuren*trichen am LTPES si sécher déi Perioden, wou eis Schüler*innen an d´Stage geschéckt ginn.

Fir dës Perioden unbidden ze kënnen, brauche mir engagéiert, qualifizéiert a motivéiert Institutiounen / Tuteuren*trichen, déi sech bereet erklären, eis Schüler*innen op hirem Wee ze begleeden.

An dëser Broschür fannt Dir éischt Informatiounen dozou.

Begleedung am Stage:

Schüler*inne komme mat 17/18 Joer bei eis an de Lycée, nodeems si eng 3e-Klass ofgeschloss hunn.

No 2 Joer erfollegräicher Ausbildung (2GED+1GED) maache Schüler*innen hiren „Examen de fin d'études secondaires“ bei eis. Hir Ausbildung zum Erzéier schléisst Schüler*innen am 3. Ausbildungsjoer (1SGED) mam Staatsdiplom „Diplôme d'État d'éducateur/trice“ of.

Fir eis Schüler*inne beschtméiglech op de polyvalente Beruff „Erzéier*in“ virzubereeden, bidde mir eise Schüler*innen Stageméiglechkeeten an **alle méigleche soziale Beräicher**: Crèche, Maison Relais, Jugendhaiser, Altersheemer, Wunngruppe fir Mënsche mat enger Beanträchtegung,....

Eis Schüler*innen absolvéieren an all eenzelem Ausbildungsjoer ee Stage an ënnerschiddlechen Aarbechts- an Tätigkeetsberäicher.

Stageperioden:

1. Ausbildungsjoer 2GED (9 Stagewochen)	2. Ausbildungsjoer 1GED (6 Stagewochen)	3. Ausbildungsjoer 1SGED (11 Stagewochen)
<u>Stage d'orientation professionnelle</u> 3 Wochen	<u>Stage approfondissement et élargissement</u> 6 Wochen	<u>Stage de familiarisation et d'application</u> 4 Wochen
<u>Stage d'initiation professionnelle</u> 6 Wochen		<u>Stage de mise en œuvre</u> 7 Wochen

Spezifesch Opträg am Stage - Nieft dem aktiven Handeln a Matschaffen am edukativen Alldag

<ul style="list-style-type: none"> • Beschreibung vun der Institutioun • Ressourcenorientéiert Beschreibung vun der Zilgrupp • Perséinleche Léierprozess • 2 ausgiebig beschriwwe pedagogesch Angeboter 	<ul style="list-style-type: none"> • Beschreibung vun der Institutioun an hirer Zilgrupp • 2 ressourcenorientéiert systematesch Beobachtungen • 2 geplangte pedagogesch Angeboter ausgoend vun de Beobachtungen • 4 an den Alldag integréiert pedagogesch Angeboter (geplangt oder spontan) • Perséinleche Léierprozess 	<ul style="list-style-type: none"> • Beschreibung vun der Institutioun a senger Zilgrupp • Alldeeglech a systematesch Beobachtungen • Analys • Projektplanung • Projektdurchféierung • Projektauswertung • Mémoire de Stage
---	--	--

Handbicher an Toolbox si fir d'Schüler*inne wéi och fir d'Tuteuren*tricen um Site www.LTPES.lu ze fannen.

Tuteur*trice aus der Institution	Enseignant*e de la Pratique Professionnelle (PRAPR) vum LTPES
<p>Den / D' Tuteur*trice féiert de / d'Schüler*in an de berufflechen Alldag vun der Aarichtung an, informéiert iwwert d'Konzept an den aldeeglechen Aarbechtsoflaf, bend de / d'Schüler*in an d'Teamaarbecht an, steet him / hir berodend zur Säit an ënnerstëtzt hien / si bei sengen / hiren Aarbechten an Reflexiounen.</p> <p>Eng weider Roll vum / vun der Tuteur*trice ass et, de / d'Schüler*in a sengem / an hirem Entwécklungs- a Léierprozess ze ënnerstëtzen, ze begleeden an awer och ze bewäerten.</p>	<p>D'Roll vum PRAPR ass et, Schüler*innen a verschiddene Kontexter vu Gespréicher dobäi ze ënnerstëtzen, pedagogesch Handeln ze entwéckelen an ze begrënnen, déi dozou néideg Reflexiounen ze maachen, e Bewosstsinn fir hir Stärkten a Schwächen ze entwéckelen an Entwécklungsméiglechkeete fir hiert zukünfteg pedagogesch Handeln ze definéieren.</p> <p>De PRAPR ass och Usprichpartner fir den / d' Tuteur*trice.</p>

Den LTPES-Computer-Programm „Manager“

D'Institutionen an d'Tuteurs*tricen hunn iwwert den LTPES-Computer-Programm „Manager“, deen am Kader vun der Digitaliséierung fir de Beräich Stage installéiert gouf, Accès op d'Handbicher an d'Dokumenter.

LINK: <https://manager.ltpes.lu/login.html>

Institution

*Accès au programme :
Mail de l'institution/responsable*



Eingabe des Tutors = "Fiche Tuteur" = définir le tuteur*trice.



Bekommen Zugang zur / Reçoit l'accès pour = "Déclaration de paiement"



Können neue Praktikumsplätze für das nächste Schuljahr anbieten / peuvent réserver les places de stages pour la prochaine année scolaire

Tuteur*rice

*Accès au programme:
Mail du/de la tuteur*trice*



Der/Die Tutor*in hat das alleinige Recht seinen Praktikanten zu bewerten / Le tuteur*trice a le droit exclusif d'évaluer ses stagiaires.

Konventioun mam LTPES

Wann Dir lech entscheet, eng Stage-Institution ze ginn an eis aktiv ze ënnerstëtzen an der Ausbildung vum / vun der Educateur/trice,

da setzt lech w.e.g. mat eis a Kontakt: stages@ltpes.lu.

Mir schécken lech dann eis Konventioun, an der all Detailer nach eemol opgeléicht sinn.

Mir freeën eis op eng gutt Zesummenaarbecht.